

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen

Merci dem Buergermeeschter fir seng Presentatioun d'lescht Woch, dem Finanzservice an allen involvéierte Servicer fir déi vill Aarbecht, déi si geleescht hunn an och der Finanzkommissioun.

Punkto **Budget Rectifié 2023 louchen d'Dépenses ordinaires** vun eiser Gemeng laang Joren (2016-2020) mat liichte Schwankunge mol erop, mol erof, tëschent 32 a 35Mio €. Säit 2020 awer ginn déi fix Käschte just an d'Luucht, 2021 ëm knapp 2Mio, 2022 bal 2,5Mio, an dëst Joer sinn et esouguer 6,5Mio méi ewéi d'lescht Joer, dat waren nach bal 2Mio méi ewéi erwartet. Vun de 6,5Mio méi ordinär Ausgabe sinn 2,5Mio duerch d'Augmentatioun vun de Lounkäschten. 2024 musse mir mat bal 50Mio Dépenses ordinaires rechnen, wat nees e plus vu 4,5Mio par rapport zu dësem Joer duerstellt.

Well glécklecherweis d'**Recettes Ordinaires** parallel och geklomme sinn hu mir déi lescht Joren eisen Investmontant awer ëmmer kënnen bei 9-10Mio konstant halen. Doduerch dass mir elo dëst Joer esouguer bal 56Mio, dh och gutt 3Mio méi vum Staat kruten ewéi erwartet, konnt d'Explosioun vun de Lounkäschte gutt kompenséiert ginn an et schéngen eis nach 11Mio ze bleiwe fir an den extraordinär ze investéieren.

Ervirhiewe wollte mir, dass iwwert déi vill Aarbecht, déi am **Klimapakt an am Naturpakt** geleescht gouf, d'Gemeng iwwer 2 Joer (2023 a 2024) eng ronn **700'000€** kritt, déi geduecht si fir a supplementär Projeten a Sensibilisatioun an deene Beräicher ze investéieren.

Et freet déi gréng, dass d'Gemeng am Ordinaire punkto **Kooperatioun** weider de Projet am Malawi, wéi och dee vun der ATM am Burkino Faso ënnerstëtzt, an esouguer d'Montante gehéicht huet.

Dat selwecht zielt fir **d'Allocation de vie chère** fir eis Bierger, wou et eis wichteg ass, dass mir zousätzlech zur staatlecher Ënnerstëtzung nach weider eppes dropleeën.

Als Member vum Fairtradegrupp begréissen ech et besonnesch, dass 7500€ ageschriwwe gi si fir eng Sensibilisatioun Fairtrade ze maachen.

Et heescht ëmmer: **Nei Gebaier** bréngen nei Käschte mat sech. Dëst stëmmt virun allem wann een zousätzlech Gebaier schaaft. Deen neie Kéinziger Festsall ersetzt deen alen, deen ofgerappt wäert ginn; a misst bei den Heizkäschten e gutt Stéck méi bëlleg ginn. Dat selwecht zielt fir dat neit Spillschouls-maison relais-Gebäi hei zu Bascharage. Wa natierlech **nei Portiersposte** geschaf ginn, déi elo fir 2024 mat am Budget stinn, ginn d'Käschten erop, déi Diskussioun hu mir schonns d'lescht Woch gefouert. Mä eng Erklärung, firwat net einfach de Portier vun der Spillschoul matplënnert, mä en neie Portiersposte muss geschaf ginn, hunn déi gréng bis haut net krut. Dat selwecht zielt fir de Festsall vu Kéinzig. Dat kann net just duerch méi techneschen Installatiounen begrënt ginn, well wa mol méi Technik gebraucht gëtt, wäert och do Mogebe musse kommen, grad ewéi am Treff. Wou de Festsall geplangt gouf, ware mir eis nach all eens gewiescht, dass mir do kee Portier géife brauchen, dofir ass jo och keng Loge virgesinn. Dass eis Portiersequipe muss verstärkt ginn zweiwelen mir net un, mä mussen dat direkt 3 voll Poste sinn, wouvun ee schonns dëst Joer besat gouf?

Jo, och wa mir mat 42% Lounkäschten nach gutt do stinn, musse mir awer bei der Astellungspolitik virsiichteg bleiwen a just geziilt do astelle wou et wierklech noutwendeg ass, esou ewéi am Service Bâtiment, am Sekretariat, bei eise manuelle Mataarbechter an an der Maison Relais, déi elo méi Kanner ophuele wäert.

Zum extraordinäre Budgets

Déi grouss a wichteg Projete vun der leschter Legislaturperiod, de Boulevard Kennedy, den Zentrum vu Cl mam Festsall an déi nei Spillschoul/Maison relais hei zu Bascharage si Projete, déi zum Deel fäerdeg sinn an déi déi héich Montante vun zesumme 54Mio am Kont 2022 an am Rectifié 2023 erklären. De Rescht Rechnungen si fir 2024 ageschriwwen, zesumme mat de Subsiden, déi mir nach erwaarden. Eis Fusiounssoue sinn all opgebraucht, mä all gutt investéiert.

An Zukunft musse mir e bësse méi lues trieden. Well mir awer Enn 2024 eng souzesoe scholdefräi Gemeng sinn, wäerten déi gréng keng Bedenken hunn an Zukunft engem Prêt fir nohalteg a wichtige Investitiounen zouzestëmmen, déi mir jo nach mat op d'Schinn gesat hunn. Beim Uviséiere vum Pilotprojet nei Gemeng mat engem shared space dernieft, der neier Cogeneratiounsanzlag, dem neien Heiz- a Waasserfilter-system fir eis Piscine ware mir jo nach voll derbäi. Dat selwecht zielt ënner anerem fir de Projet Schoulhaff op Acker, déi intelligent Waassercompteuren, d'rout Luuchten op der Kräizung rue Jules Hemmer an d'Verkéisberouegung an allen Dealer un eisen Uertschaften an....

An de leschte Jore goufe munch Haiser opkaf fir Projete fir Sozialwunnengen, wou mir gesinn, dass konkret just dat Haus an der rue du Stade kinnt a nächster Zukunft fir dësen Zweck disponibel sinn. Bei deenen anere schéngt nach Näischt Konkretes virgesinn ze sinn, ausser credit de démarrage, frais d'études oder allgemeng Renovation.

Déi gréng begréissen d'Etude fir d'Offer fir de Précoce ze erweideren. An deem Fall wäert awer och eng Betreierung a Kantin mussen dru gekoppelt ginn, well soss wäert d'Demande kaum vill méi grouss ginn ewéi de Moment.

Schued fannen déi gréng et, dass dat neit Jugendhaus grad ewéi de Café social zäitlech no hanne geréckelt ginn, mä et berouegt, dass mol e Kredit de Demarrage vun 100'000€ fir déi neie Plaz fir déi Jonk ageschriwwen ass, well et eis wichteg wier dass dee Projet ganz séier virugeet.

Mir huelen zur Kenntnis, dass ier de Projet vun der Sportshal zu **Kéinzig** ugaange gëtt, nach d'**Schoulen** ëmgebaut ginn, a waarden op d'Presentatioun vun enger Etude a weider Informatiounen am Laf vum Joer.

Fir ofzeschléissen kann ech soen, dass déi gréng frou sinn, dass déi grouss nohalteg Projete, déi an der Vergaangenheet ugeduecht waren, vun der neier Majoritéit weidergefouert ginn.

Leider stelle mir fest, dass eng ganz Rëtsch **Sensibiliséierungsprojete** fir eis Kanner a Bierger gestrach gi sinn, ouni direkt eng Alternative prett ze hunn. zB: ekologesch Kanneraktivitéite mam Sicona, Nature for people vun eisem Natursyndikat Sicona an de Projet Natur genéissen an eisen Opfangstrukturen.

Och den informativen **ekologesche Kalenner**, dee gutt bei de Bierger ukomm war, ass gestrach. Dobäi sinn nach vill wichteg Theme punkto Offall net behandelt. Et besteet nach akute Bedarf fir Informatioun iwwert z.B déi gréng Poubelle, d'Valorluxtut an och wat an d'Toilette gehéiert a firwat munches net.....

De **Repaircafé**, dee gutt funktionéiert huet, huet säit 10 Méint net méi stattfonnt. E gëtt zwar nach am Offall-Publicitéits-Budget ernimmt, mä soss héiert een Näischt méi dovun.

Déi virgesinne Broschür mat Vëlosweeër an Trëppeltir hei an der Gemeng ass aus dem Budget verschwonne.

Fir Käerjeng live gi Publicitéitsspotten akaf. Et wier och wichteg op nohalteg T-Shirten zrëckzegräifen, z.B ouni Joreszuel drop, da kinnt een déi ëmmer nees huelen. Als Fairtradegemeng misst een der selbstverständlech aus Fairtrade-Kotteng bestellen.

Obwuel mir viraussichtlech (vun 2023 a 2024 zesummen) iwwert de Klimapakt bal 500'000€ an iwwer den Naturpakt eng ronn 200'000€ zur Verfügung hu fir a Projeten an a Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung och am Naturschutz ze investéieren, gesi mir net wou hei eng Kontinuitéit vun der Sensibiliséierungsarbecht wier. Am Klimateam an am Naturteam, (dat sinn zwee ganz ënnerschiddlech Beräicher), hu mir haart geschafft fir dass d'Gemeng gutt do steet an hir Zertifikatioune mat der finanzieller Ënnerstëtzung kritt.

Déi gréng wäerten also trotz ville gudde Projete, dëse Budget net matdroe kënnen, well mir mat Munchem net averstan sinn an eis verschidde wichteg Aspekter feelen.